

Schëtter

Gemengerotssëtzung vum 13. Dezember 2017

Stellungnahm vum Nicolas WELSCH (DP) zu der Schäfferotserklärung 2017-2023

Mir krute lëschte Mëttwoch en 13 Säite laangt Dokument virgelies dat um ordre du jour vun der Sëtzung als „programme d’activités du collège des bourgmestre et échevins“ annoncéiert wor.

Mer haten all gehofft e Programme vu konkrete Projeten virgestallt ze kréien, déi de neie Schäfferot an deenen nächsten 6 Joer géif ausféieren.

Mir sinn enttäuscht ginn.

Op 13 Säite stinn enorm vill Evidenzen a vague Absichtserklärungen.

De Schäfferot schwätzt vill vu „probéieren“ oder „mir wäerte probéieren“.

Déi Projeten déi konkret schéngen ze sinn, ginn leider ënner an engem Geflecht vun allgemengen, ongenauen, flaachen a gehaltsarmen Aussoen.

Et spiert een dass déi nei Majoritéit virsiichteg ass, léiwer am Vague bleift, anstatt resolut d’Zukunft vun onser Gemeng ze plangen.

Déi wichteg Fro ass: wéi soll ons Gemeng sech an der Zukunft entwéckelen, wéi soll se wuessen.

Mir sinn d’accord mat der Analyse vum Schäfferot dass an deem Beräich ëmmer méi Defien op ons Gemeng zoukommen.

Mir deelen awer dem Schäfferot seng Meenung nëtt, *„dass de Staat an d’Gemengen deeër Entwécklung machtlos géigeniwwer stinn.“*

De Schäfferot schéngt vergiess ze hunn, dass e Schäffen- an Gemengerot vill Autonomie huet, dass an enger Gemeng näischt gebaut gëtt ouni dass de Buergermeeschter oder am Fall vun engem PAP de Gemengerot säin Accord get. Ech erënnere drun dass mer viru 6 Joer e gréissere PAP Projet hei an der Gemeng verworf hunn, wëll en net mat onsem Konzept vun der moderater Entwécklung vun der Awunnerzuel am Aklang wor. Mir haten dee Courage, an dofir konnte mer ons Entwécklung steieren am Respekt vun deem wat 2003 am Gemengerot eestëmmeg decidéiert gi war.

Mir bedauern déi fatalistesche Approche vum neie Schäfferot, dee schreift: *„e moderat Wuestum anzehalen, wéi mer dat mat eisen Awunner op Basis vun enger Biergerbedeelegung festgeluecht hunn, ass alles anescht wéi einfach“*

Dat ähelt enger Kapitulation, do feelt et manifest u Courage, un Engagement, u Bëss.

Do hätt een erwaart, dass e Schäfferot geschriwwen hätt. Mir setzen ons mat alle Mëttelen an fir deen Awunnerwuestum ze respektéieren deen Bierger an der Ëmfro mehrheetlech gewënscht hunn.

Et ass d'ailleurs erstaunlech, dass an der Schäfferotserklärung kee Piipcheswuert méi fält iwwert den Duerfentwécklungsplang vun 2003 an och kee Piipcheswuert iwwert den Avis dee mer hei am Gemengerot 2014 iwwer d'Plans sectoriels eestëmmeg geholl haten a wou mer en Ziel vun ongeféier 4500 Awunner bis d'Joer 2025 festgeschriwwen haten.

Wëllt de neie Schäfferot näischt méi vun deenen Zieler wëssen? Hunn déi Leit déi dat deemols mat gestëmmt haten an nach haut ëm de Gemengerotsdësch sëtzen, hir Meenung geännert.

Ech hu mer d'Méi gemaach nach eng Kéier Wahlprogrammer vun deene verschiddeenen Parteien ze liesen:

Bei deene Gréng steet: *unsere Ziele: Schutz der herrlichen Landschaft um unsere Dörfer durch den Erhalt des bestehenden Bauperimeters und die Baulückenschliessung;*

Am Programm vun der LSAP liese mer : *déi bestouend Bauflächen am Bauperimeter sinn ze bebauen ier eng Erweiterung iwwerhaupt an d'A gefaast gëtt:*

Meng Lecture vun deenen 2 Texter ass: nach esou bal keng Perimetererweiterung.

Ech liesen elo d'Schäfferotserklärung: *virrangeg am Perimeter noverdichten, an nëmmen do Erweiterungen vum PAG geneemegen, wou se sech an e bestoend Konzept aglidderen.*

Wat heescht dat: e bestoend Konzept? Dat ass eng solid Verwässerung vun dem Wahlversprechen vun de Koalitionspartner vun de Schëtter Bierger.

Mir froen ons zousätzlech wat folgende Saz aus der Schäfferotserklärung heescht: *am Kader vum neie Bebauungsplang wäerte mir och vun deenen rechtliche Mëttel gebrauch maachen déi d 'Gesetz iwwer de Pacte Logement eis gëtt fir d 'Spekulatioun anzeschränken . Heescht dat dass de neie Schäfferot déi fräileiend Terrainen wëllt héich besteieren?*

Ech kommen op d'**Transparenz** ze schwätzen.

Mir hu begréisst dass d'Schäfferotserklärung um Internetsite vun der Gemeng publizéiert gouf, am Respekt vun der Traditioun déi mer viru 6 Joer agefouert haten.

Enttäuschend ass awer, dass de neie Schäfferot eng aner Traditioun brécht, déi mer viru 6 Joer agefouert haten, nämlech fir 1 mol d'Joer eng Biergerversammlung anzeruffen an d'Leit iwwer dat wat realiséiert gouf respektiv iwwer dat wat am nächste Joer usteet, ze informéieren.

D'Minsbecher Gewerbegebitt:

Enttäuschend ass ebenfalls dass de neie Schäfferot keng Ambitiounen huet wat d'Minsbecher Gewerbegebitt ubelaangt. Do kéint een eng proaktiv Politik féieren, fir dass déi eidel Büroen erëm gefëllt ginn an domadder méi Gewerbesteier an d'Keesen vun der Gemeng géif fléissen.

Ëmwelt:

*De neie Schäfferot wëllt um virtuelle Reider reegelméisseg d 'Resultater vun eise **Waaseranalysen an de Schuedstoffmiessungen an der Loft** publizéieren.*

Waaseranalysen gi schonn haut regelmäseg op der Internetsäit vun der Gemeng publizéiert. Ech wollt froen ëm wat fir Schuedstoffmiessungen an der Loft et sech handelt, wou déi an der Gemeng a wéi oft gemooss ginn?

*De neie Schäfferot setzt sech als Zil **gen- a pestizidfräi** ze ginnan entspreichend Informatiounscampagnen ze lancéieren. Hee wäert am Gäertnerbetrib, beim Akaf vu Liewensmëttel sou wéi an der Schoukkantin op Gentechnproduiten verzichten.*

DP schléit vir och an Zukunft pestizidfräi Zierplanzen an der Gemeng ze benotzen

*De neie Schäfferot wëllt **d'Liichtverschmutzung** bekämpfen, di öffentlech Beliichtung upassen.* Mir fannen dat eng gutt Idee a fuerderen op den Zebrasträifen, déi nuets nëmmen selten benotzt ginn, ewéi z.B. bei der Entrée vum Gewerbegebitt, d'Belichtung automatesch ze schalten, wa Leit de Sträifen approachéieren.

*De neie Schäfferot wëllt eng vum Verbrauch ofhängeg **Progressioun vum Waasserpräis**, déi net zwangsleefeg eng Verdeierung bedeit, parallell zu engem ofgeännerte Oofwaasserreglement aféieren.*

Wann et keng Verdeierung bedeit, da kann et jo nëmmen eng progressiv Verbëlleegung bedeuten fir déi Leit déi manner consomméieren. Wéi kritt der dann d'Këschten vun der Produktioun vum Waasser duerch Redevancen gedéckt wéi den Art. 12. de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau dat virgesäit:

A partir du 1^{er} janvier 2010, les coûts des services liés à l'utilisation de l'eau, y compris les coûts pour l'environnement et les ressources sont supportés par les utilisateurs en tenant compte des principes de l'utilisateur-payeur et du pollueur-payeur.

*De neie Schäfferot wëllt **d'Versigelung vu verschiddene Flächen** souwäit wéi méiglech réckgäengeg machen.*

Mech interesséiert wou dat geschitt.

*De neie Schäfferot wëllt bei den erneierbaren Energien **d'Wandenergie** benotzen. Wéi a wou soll dat an der Gemeng geschéien?*

Mobilitéit:

Beim Thema Mobilitéit kann ech keng konkret Projeten erkennen.

Iwwer **d'Infrastrukturen schweigt sech de neie Schäfferot** total aus a verweist op de Budget. Et wier awer interessant gewiescht ze héieren wat de Schäfferot an deem Beräich an de 6 nächste Joer virhuet. De Budget engagéiert ëmmer nëmmen fir 1 Joer, während eng Schäfferotserklärung en Engagement op 6 Joer soll sinn.

D'Verbindungen mat der Bunn tëschent Minsbech an der Gare Lëtzebuerg hunn sech verschlechtert. Dank de gudde Relatiounen mam Ministère des Transports an den CFL hate mir bis elo excellent Verbindungen. Wat gedenkt dee neie Schäfferot ze maachen fir dass dat erëm de Fall gëtt. Dir hutt lëschte Mëttwoch en délégué aux transports publics genannt. Ech wollt hien froen wéini hien an deem Gremium, an deem e genannt ass, intervenéiert fir dass mer erëm anstänneg Verbindunge kréien.

Vun onser Fuerderung en **arrêt ferroviaire** an dem Gewerbegebit zu Minsbech ze kréien, eng Fuerderung ,déi mer gemeinsam am avis zu de plans sectoriels agereecht haten, hunn ech leider näischt an der Schäfferotserklärung gelies.

Et as decidéiert, dass den Tramsréseau an deene nächste Joren erweidert gëtt, zB. zum Findel. Da gëtt et wichteg, dass mer vun onser Gemeng eng gudd Ubannung un dee neien **Tram- a Bus-arrêt um Héienhaff** kréien.

Mir proposéieren als DP, dass e **Veloswee op der Trasse vum neien Ofwaasserkollektor tëschent dem Findel an der Kläranlage op dem Stéck lanscht d'Autbunn gebaut gëtt, fir dass ee mat dem Ebike op den arrêt vum Héienhaff ka fueren.**

Mir proposéieren och dass op de wichtegsten Stroosseverbindungen vun der Gemeng d'Infrastrukturen sou ugepasst ginn, dass e **Velosbetrieb op enger getrennter Spuer** méiglech ginn. Mir bedauern dass de Schäfferot iwwert dee Sujet nëmme vague Aussoe mécht.

Ech wier frou wann ech eng Äntwert op meng Froe kënn kréien.

Meng Kollegen Jean-Pierre Kauffmann, Jim Ronk a Serge Eicher huelen zu deenen aneren Themen vun der Schäfferotserklärung nach Stellung